N°8231
Entrée le 11.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.08.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 11. August 2023

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert un den Här Minister fir sozial Sécherheet weider ze leeden.

Persounen déi opgehalen hunn mat schaffe fir sech ënnert anerem em d'Erzéiung vun hirer Kanner ze këmmeren hunn d'Méiglechkeet retroaktiv Pensiounsrechter nozekafe fir déi Zäit wou se net cotiséiert hunn.

Wann « demande d'achat rétroactif de périodes d'assurance » guttgeheescht gëtt muss ee laut mengen Informatiounen nieft de geschellte Cotisatiounen och nach ee gewëssene Montant un « Intérêts échus » bezuelen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir sozial Sécherheet stellen.

- Kann den Här Minister des Informatioune bestätegen ?
- Wéi an op wei enger Basis ginn d'« Intérêts échus » berechent ?
- Wier et net méiglech de Leit, wann se ophale mat schaffen, e Bréif zoukommen ze loosse wou se drop opmierksam gemaach ginn, dass wann se wëlle Pensiounsrechter zu engem spéideren Zäitpunkt nokafen nieft dem Montant vun de « Cotisation dues » och nach Zënse mussen nobezuelt ginn ?

Här President mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Léon Gloden
Deputéierten